

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

D'Kris am Persouneloftverkéier duerch d'Covid-Pandemie huet dozou gefouert, datt d'Banque Internationale à Luxembourg envisagéiert, fir hir Undeeler un der nationaler Fluchgesellschaft ze verkafen, an dat trotz dem Zukunftsplang, ob dee sech déi sektoriell Tripartite gëeenegt hat an deen en Ofbau vun Aarbechtsplaze bei der Luxair bis Enn 2023 verbitt. Der BIL gehéieren am Ablack 13,14 Prozent vun den Undeeler, dem Lëtzebuerger Staat 39 Prozent. De Staat ass sengersäits mat 10 Prozent un der BIL bedeelegt. Fir déi ronn 3000 Salariéë vun der nationaler Fluchgesellschaft steet an dëser Saach also vill um Spill.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister an un d'Madamm Finanzminister:

- 1) Wier de Staat bereet, fir d'Partë vun der BIL ze iwberhuelen, wann d'BIL déi verkafte géif?
- 2) Wéi huet d'Regierung sech positionéiert, wéi d'BIL de méigleche Verkaf vun hire Luxair-Aktien ugekënnegt huet?
- 3) Ass d'Regierung bereet, déi Fro nach eemol am BIL-Verwaltungsrot ze thematiséieren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup,
Deputéierten

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized initial 'F' followed by a long, sweeping horizontal line that curves slightly upwards at the end.

Fernand Kartheiser,
Deputierten